Foto: Francis Breyer

Am Kader vum Kierchentour:

Eis Kierche verzielen

VISIT VUN DER PARKIERCH VUN HELZEN

Sonndes, den 9. November 2014

vu 16:30 bis 18 Auer

mam Schwéierpunkt:

den Helzer Schnëtzaltoer

(mat Bild-Projektioun)

Foto: Francis Breyer

Di Helzer Kierch aus dem 18. Jorhonnert huet eng laang a beweegte Geschicht hannert sech. Mat senge barocken Altär strahlt de Raum Schéinheet an Harmonie aus. De wäertvolle Schnëtzaltoer aus dem 16. Joerhonnert gehéiert zu deene bedeitendste reliéise Konschtwierker vu Lëtzebuerg. 88 Holzfiguren erzielen, op eng beweegend Manéier, vu Freed a Leed am Liewe vu Maria.

De **Belty Eicher**, Member vum Kiercherot, stellt d'Kierch an de Schnëtzaltoer mat hirer Geschicht vir. **D'Christiane Kremer-Hoffmann**, Theologin, an **d'Ingrid Scholzen**, Pastoralreferentin, ginn eng meditativ Aféierung an d'Symbolwelt vun enger typescher Duerfkierch a gräifen e puer Szene vum Schnëtzaltoer (mat Bild-Projektioun) op.

Fir de musikaleschen Deel suergen den Organist **Gérard Close** an d'**Chorale vun Helzen-Hoffelt-Weiler** ënnert der Leedung vum **Toni Schaack**.

D'Kapell vun der Helzer Klaus, 1,5 km vun der Duerfkierch ewech, kann och besichtegt ginn. Si ass tëschent 14 an 18 Auer op.

De Kiercherot vun Helzen invitéiert eis all dono op eng Réceptioun am Barteshaus zu Houfelt.

Déi nächst Etappe vum Kierchentour sinn:

- den 11. Januar zu Ëlwen an der Parkierch
- den 1. Februar zu Munzen an der Parkierch

Organisatioun: ErwuesseBildung Dikrech an Zesummenaarbecht mam Parverband Elwen-Wäiswampech-Wëntger

www.ErwuesseBildung.lu

Erwuesse Bildung DIKRECH

Foto: Francis Breyer

Am Kader vum Kierchentour:

Eis Kierche verzielen

VISIT VUN DER PARKIERCH VUN HELZEN

Sonndes, den 9. November 2014

vu 16:30 bis 18 Auer

mam Schwéierpunkt:

den Helzer Schnëtzaltoer

(mat Bild-Projektioun)

Di Helzer Kierch aus dem 18. Jorhonnert huet eng laang a beweegte Geschicht hannert sech. Mat senge barocken Altär strahlt de Raum Schéinheet an Harmonie aus. De wäertvolle Schnëtzaltoer aus dem 16. Joerhonnert gehéiert zu deene bedeitendste reliéise Konschtwierker vu Lëtzebuerg. 88 Holzfiguren erzielen, op eng beweegend Manéier, vu Freed a Leed am Liewe vu Maria.

De **Belty Eicher**, Member vum Kiercherot, stellt d'Kierch an de Schnëtzaltoer mat hirer Geschicht vir. **D'Christiane Kremer-Hoffmann**, Theologin, an **d'Ingrid Scholzen**, Pastoralreferentin, ginn eng meditativ Aféierung an d'Symbolwelt vun enger typescher Duerfkierch a gräifen e puer Szene vum Schnëtzaltoer (mat Bild-Projektioun) op.

Fir de musikaleschen Deel suergen den Organist **Gérard Close** an d'**Chorale vun Helzen-Hoffelt-Weiler** ënnert der Leedung vum **Toni Schaack**.

D'Kapell vun der Helzer Klaus, 1,5 km vun der Duerfkierch ewech, kann och besichtegt ginn. Si ass tëschent 14 an 18 Auer op.

De Kiercherot vun Helzen invitéiert eis all dono op eng Réceptioun am Barteshaus zu Houfelt.

Déi nächst Etappe vum Kierchentour sinn:

- den 11. Januar zu Ëlwen an der Parkierch
- den 1. Februar zu Munzen an der Parkierch

Organisatioun: ErwuesseBildung Dikrech an Zesummenaarbecht mam Parverband Elwen-Wäiswampech-Wëntger

www.ErwuesseBildung.lu

Erwuesse Bildung DIKRECH